# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force




**2** 2004
Mars
45e année

**PIETA von Lucien Wercollier,**
**Zentralskulptur des „MONUMENT aux MORTS“ in Steinsel**

# Nationalkongress vun der „Fédération des enrôlés de force“

## Samschdeg, den 8. Mee 2004

zu Steesel an der Aula vun der Primärschoul, Bâtiment Sepp Hansen, organiséiert vun der Steeseler Section des enrôlés de force, victimes du nazisme

De Kongress steet ënnert dem Motto: **60 Joer zënter der Liberatioun**, an deemools ware 5 000 Jongen a Meedercher nach net doheem. **60 Joer**, dass d'Zwangsrekrutéiert fir hir Rechter streide mussen!

### *Vu 14.30 Auer un:*

- Rassemblement vun den Delegéierten an der Primärschoul, Bâtiment Sepp Hansen
- Receptioun vun den Invitéen an den Delegéierten an der Entrée vun der Aula. Do ginn och d'Delegatiounen enregistréiert

### *14.30 Auer:*

- Zeremonie mat Nidderleeë vu Blumme beim Monument aux morts bei der Kierch duerch eng Delegatioun vum Zentralcomité an der Sektioun Steesel


### *15.00 Auer:*


- Ouverture duerch de Kongresspresident Marc Mathekowitsch
- Begréissung vum President vun der Steseler Sektioun Norbert Melcher
- Den Nationalpresident Jos. Weirich begréisst d'Delegatiounen
- De Generalsekretär Jim Bolmer presentéiert den Aktivitéitsbericht
- De Keessier Jules Giersch presentéiert säi Finanzrapport
- Rapport vun de Keesserevisoren, Neibestëmmung vu Keesserevisore fir de Kongress 2005
- Eventuell Froen a Kritiken zu de Rapporten
- Bestëmme vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2005
- Rapport vum Emile Gruber iwwer Alters- a Fleegeheimer
- Iwwer Aktuelles a Problemer informéiert de President Jos. Weirich
- Demissioun vum Comité national
- Neiwiel vum Comité national
- Fräi Ausspraoch
- Usprooch vum Buergermeeschter J.P. Klein
- De President vum Kongressbüro schléisst de Kongress
- Éirewäin, offréiert vun der Gemeng Steesel

All Enrôlé-de-force-Member ass um Kongress wëllkomm, ower nëmmen Delegéiert hu Stëmmrecht.



# Wëllkomm zu Steesel





Zu alleréischt soen ech dem Zentralcomité an der leschter Assemblée zu Ettelbréck merci, dass si de Wee erëm eng Kéier op Steesel fonnt hunn. Der lokaler Sektioun, eng dynamesch Sektioun, huet de Schäffen- a Gemengerot seng Mathëllef zougesot, besonnesch well dëst Joer 2004 de Kongress an de Kader fällt vun de 60-Joer-Feiere vun der Landung an der Normandie, an der Liberatioun vun eiser Heemecht am September 1944. Wuel war deemools nach net all Misär vun der Bevëlkerung eriwwer, d'Rundstedtoffensiv am Dezember huet dat bewisen, et waren zu dem Zäitpunkt nach vill „Jongen“, sief dat an der Front, Gefaangenschaft oder a Lazaretter, net doheem. An de KZer an an der Deportatioun sinn der ëmmer nach ëm d'Liewe komm an hu gewaart op d'Liberatioun vun den alliéierten Truppen. Eisem Vollek waren déif Wonne geschloen duerch en onmënschlecht Naziregime, an am Norde vum Land war d'ganz Infrastruktur zerstéiert. Är Generatioun huet villes erlidden a mir si frou, dass nach eng Rei Zäitzeien äis vun deeër onséileger Vergaangenheet berichte kann. D'Gemeng fleegt mat der Steeseler Sektioun vun den Enrôlés de force eng gutt Zesummenaarbecht, an d'Monumenter zu Steesel an zu Heeschdref gi vun der Gemengeregie geheegt a gefleegt.

Eis Uertschaften hunn am Krich en héige Bluttzoll bezuelt, sinn dach op deenen zwee Monumenter 18 Nimm festgehalen, vill hunn äis fréizäiteg verlooss, anerer hate Glidder verluer a sinn zu engem mënschleche Wrack verkomm.

D'Erënnerung un déi schrecklech Zäit muss waakreg bleiwen, a fir datt dat geschitt, muss se un déi jong Generatioun weidergereecht ginn, fir datt esou mënschenonwürdeg Evenementer sech ni méi widderhuelen. Fridden a Fräiheet si fir äis eng Evidenz, mee dat ass nach laang net iwwerall op dëser Welt.

Ech wënschen dësem éischte Kongress vun der „Fédération des enrôlés de force“ e volle Succès, dem Comité central eng gutt Hand, fir déi lescht Hürden an hirer Aarbecht ze meeschteren.

Jean-Pierre Klein
*Député-maire*



*4 Haaptfiguren aus dem RENERT, zu Steesel op der Place Michel Rodange*

# Message un all eis Sektiounen an Amicalen uechter d'Land

„D'Fédération des enrôlés de force" hält hiren éischte Kongress no der Ëmstrukturéierung hei zu Steesel. Mir begréissen all eis Gäscht a si frou, dass si sech fir eis Gemeng entscheed hunn. Steesel, eng Uertschaft mat enger grousser Vergaangenheet, war eng vun den Urpfarren an Urmeiereien am fréieren Herzogtum Lëtzebuerg.

Haut ass et eng Proporzgemeng am Zentrum a stéisst u siwen aner Gemengen, dobäi och un d'Stad Lëtzebuerg. Vill Industrie huet sech an de Joeren hei niddergeloost an huet zum Wuelstand bäigedroen.

Mir sinn och frou, dass eis Gemengenautoritéite bei dëser Organisatioun ferm Hand mat upaken an äis de „Spigelsall" zur Verfügung stellen. Et ass dat d'Aula vum Gebai „Sepp Hansen" an den éischten Deel vum grousse Schoulkomplex, deen nach d'Gebai „Michel Rodange" an d'Gebai „Willy Goergen" ëmfaasst. Dir gesitt, grouss Nimm, déi hei zu Steesel gebueren oder Joeren hei Schoul gehalen hunn.

Eis Aufgab soll et sinn a bleiwen, sou laang mer nach wackele kënnen, d'Onrecht, dat Nazidäitschland un eisem Vollek verbrach huet, net a Vergiessenheet geroden ze loossen. Eis Sektioun hat déi grouss Éier, bei der éischter „Journée de la mémoire" fir Primärschoule matwierken ze duerfen. Et bleift ze hoffen, dass dës Journée eng Nofolleg kritt, dann eréischt duerfe mir mat eise Verflichtungen zefridde sinn.

Ech wëllt hei nach e klengt Gedicht vum Willy Goergen bäifügen, dat hie kuerz virun dem denkwürdegen Datum vum 10. Oktober 1941 iwwer d'Kollaborateuren hei am Ländche verfaasst hat. An deem Sënn géif ech dann dem Landeskongress vollen Erfolleg wënschen.

Norbert Melcher


## E Fluch

Der Deiwel soll en huelen,
Dén net zu senger Hémecht hält;
Dé faul aß bis op d'Suelen
A sech verkêft fir Gold a Gèld!

Der Deiwel soll se huelen,
De' net fir d'Rècht ann d'Freihêt sin;
De' offen a verhuelen
De Vollkskorrèkter fälsche gin!

Der Deiwel soll se huelen,
De' Stûrm ann Hâß an d'Land gese't,
Daß net me' ze bezuelen,
Wât si u Fridd a Fréd gede'd!

Der Deiwel soll se huelen!
Dabâl! dén Deiwel wöllt se net.
Et dét him léd fir d'Kuelen,
So' Sténkerten de' brènnen net.




Gebuertshaus vum Willy Goergen ëm 1904

# Die Gemeinde Steinsel im Krieg

Die Kriegsjahre 1940/45 haben in der Gemeinde Steinsel tiefe Wunden hinterlassen. Gleich zu Anfang im Jahre 1940 wurde Léon Laval mit dem Sohn Tom festgenommen. Ursachen sind zu finden in der Tätigkeit von Léon Laval in der Abgeordnetenkammer der Jahre 1918/19. Viele Politiker von damals standen auf der schwarzen Liste der Nazis, waren jene Politiker eingetreten für die luxemburgische Selbstständigkeit. Beide wurden in den Gefängnissen hin- und hergereicht, um über Luxemburg-Grund, Trier, Wittlich und Düsseldorf-Derendorf im KZ Hinzert zu landen. Tom Laval kam später nach Bergen-Belsen und Dachau. Anfang 1941 organisierte sich ebenfalls die Resistenz; der Verdienst am ersten Schritt fiel Léon Dame zu, der mit der Resistenzorganisation LVL Kontakt aufgenommen hatte.



Monument aux Morts, Steinsel

Nach kurzer Zeit bildete sich eine Gruppe, die den Eid leistete, sich unter allen Umständen, unter Einsatz des eigenen Lebens für die Freiheit einzusetzen. Mancher kann sich die Sisyphusarbeit nicht vorstellen, die tagaus, tagein zu bewältigen war, denn nach der Ausrufung der Wehrpflicht am 30. August 1942 brachen alle Dämme. Hauptziel nach diesem fatalen Datum war, Verstecke aufzustöbern für „Jongen", die sich der Wehrpflicht entziehen wollten. 14 „Jongen" aus der Gemeinde und von auswärts fanden durch die LVL Unterschlupf und mussten durchgefüttert werden. Andere wurden weitergeleitet, wurden etliche Tage betreut, um dann über die belgische oder französische Grenze den Weg zu finden zur „Armée Blanche" bzw. der „FFI" in der Auvergne. Französischen oder belgischen Kriegsgefangenen konnte weitergeholfen werden. Die Resistenzgruppe war auch beteiligt an der Weiterleitung von kanadischen und englischen Piloten, die über Deutschland abgeschossen wurden. Unvergesslich bleibt die freudige Stunde, wo die Gruppe erfuhr, dass alle glücklich in England angekommen waren.

In diesen Monaten wurden dann von der Gestapo verschiedene Personen ins Grund-Gefängnis eingeliefert. Es handelte sich um Joseph Hansen, der in die verschiedenen Gefängnisse, wie Trier, Köln und Hannover, weitergeleitet wurde. Danach stand er vor dem Volksgerichtshof Freisler, wo er mangels Beweisen freigesprochen wurde; er kam trotz allem erst Monate später aus dem Gefängnis Moabit nach Hause.

Léon Schwartz wurde ins Grund-Gefängnis eingeliefert, zu 18 Jahren verurteilt und wurde aus dem Gefängnis Rheinbach durch Amnestie vorzeitig entlassen.

Eine außergewöhnliche Leistung gebührt Nic. Steinmetz, der im „hêneschte Bësch" ein Versteck zu betreuen hatte, in dem während all der Monate und Jahre 15 Refraktären zeitweilig oder dauerhaft Unterschlupf geboten wurde. Daneben wurde einem jüdischen Mädchen (Geraldine) im Hause selbst Asyl geboten. Geraldine hatte den Anschluss an die Familie verpasst, die frühzeitig auswandern konnte. Es war wirklich eine Tat über alles Gewohnte hinaus. Für Nic. war es das Selbstverständlichste der Welt.

Umgesiedelt wurden die Familien Bausch-Koedinger Ed, Bausch-Kayser Jos. zuerst in das Lager Hirstein und

dann in das Lager Trebnitz in Schlesien. Die Familien Bausch-Koob Nic. und Reckinger-Bausch Albert zuallererst in das Lager Hirstein und dann ins Lager Zweibrücken im Saarland. Ihre „Jongen" hatten sich der Wehr-pflicht entzogen und waren in einem sicheren Versteck untergetaucht.

Im RAD und im KHD waren 21 „Mädchen" eingezogen, vier waren im Kriegshilfsdienst, zwei davon kamen erst im April 1945 nach Hause. Sie mussten in Munitionsfabriken arbeiten. Elise Steffen arbeitete während der RAD-Zeit auf einer Radarstation. Sie wurde durch ihre Korrespondenz mit der Resistenz erwischt, kam in die Gefängnisse München, Nordhausen und Torgau, wo sie von den Alliierten befreit wurde.

In RAD und Wehrmacht waren 65 „Jongen" eingezogen; 19 hatten Gelegenheit, in einem Versteck unterzutauchen oder an der Front überzulaufen. Drei „Jongen" aus den Jahrgängen 1927 und 1928 wurden am 13. Juli 1944 beim letzten großen Abtransport geschnappt, als sie Luxemburger Lieder sangen. Sie kamen nach Stahleck, wo sie im Februar 1945 befreit wurden.

1945 kamen aus russischer Gefangenschaft zehn, aus englischer acht und aus amerikanischer Gefangenschaft sechs „Jongen" nach Hause.

Gefallen, oder direkt nach Kriegsende an den Folgen verstorben sind 18 „Jongen": Delbrassine Nicolas, Feltgen Emile, Heinen Gusty, Hieronimy Edouard, Huberty Alphonse, Kolber Edy, Kolber Nicolas, Lepage Nicolas, Lucas Marcel, Steil Pierre, Steinbach Nicolas, Steinbach Pierre, Theisen Joseph, Thesen Marcel, Thill Josy, Tintinger Jean, Turpel Nicolas, Wildschütz Marcel.


Der Blutzoll der Gemeinde war wirklich erheblich und es dauerte viele Jahre, die Wunden zu heilen. Hoffen, dass das höchste Opfer (ihr Leben) nicht umsonst geschehen ist. Wir dürfen sie nie in Vergessenheit geraten lassen.

Cher

Quellennachweis: Christian Calmes: „1914-1918 Le Luxembourg au centre de l'Annexionnisme Belge" – Le Livre d'Or de la Résistance Luxembourgeoise – „Zwangsrekrutéierung vun de Joergäng 1920-1927 aus der Gemeng Steesel" und aus eigenen Nachforschungen.




Monument aux Morts, Heisdorf



# In die Zukunft schauen

## Die Generalversammlung der Steinseler Sektion

Die Kameradinnen und Kameraden der Sektion Steinsel-Müllendorf-Heisdorf trafen sich vor etlichen Tagen in der „Steeseler Stuff“ zu einem gemeinsamen Mittagessen mit anschließender Generalversammlung. Der Präsident konnte begrüßen Nationalpräsident Jos. Weirich nebst Madame, Député-Maire Jean-Pierre Klein mit den Gemeinderäten Siggy Rausch, Madame Betty Hastert, Claude Schintgen, Madame Marceline Wildschütz und Guy Bausch.

Entschuldigt waren Schöffe Norry Jacobs, Marcel Oberweis und Mme. Liliane Colling. Der Präsident begrüßte insbesondere ein Mitglied der Nachfolgeorganisation der Zwangsrekrutierten, Marc Mathekowitsch, der Mitglied unserer Sektion ist.

In einer Gedenkminute wurde denen gedacht, die uns im vergangenen Jahr verlassen haben. Es sind dies die früheren Präsidenten Albert Huber und Martin Hilbert, und die Mitglieder Mme Eugenie Hansen-Picard, Hubert Enders, Albert Bichler, Mme Margot Gillander-Guillaume und Paul Schumacher.

Der Tätigkeitsbericht 2003 erstreckte sich über die alljährlichen nationalen und lokalen Gedenktage, die von den Mitgliedern jahrsüber schon eingeplant sind. Am Kongress 2003 in Ettelbrück war die Sektion mit drei Delegierten vertreten. Bei dieser Gelegenheit bekam der Präsident der Sektion Norbert Melcher den „Ruban en or“ vom Zentralvorstand überreicht.

Die beiden „Monuments aux morts“ in Steinsel und Heisdorf werden von der Gemeinderegie unterhalten, wofür die Sektion dem Gemeinderat zu Dank verpflichtet ist. Diese Unterstützung war nicht immer so selbstverständlich.

Ein Ausflug im September mit den Abstechern in der Robbesscheier in Munshausen und im Cornelyshaff in Heinerscheid versammelte 35 Mitglieder. Der Ausflug wurde von allen Teilnehmern mit Wohlwollen angenommen.

Die „Journée de la mémoire“ für das Lehrpersonal der Primärschulen, erstmals im Großherzogtum in Steinsel organisiert, wurde zu einem vollen Erfolg, dank der Schulinspektorin Mme Arlette De Bourcy-Lommel, die ganz bestimmt den richtigen Weg gefunden hat zur Rückbesinnung auf die qualvollen Jahre unter dem Naziregime. Hoffen, dass diese Initiative Nachfolgen hat.

Der Kassenbericht von Armand Haan war positiv und führte auch nicht zu einer Beanstandung der Kassenrevisoren. Der Kassenwart erhielt Entlastung auf Vorschlag der Kassenrevisoren. Die Wahl der Kassenrevisoren für das kommende Jahr wurde nach diesem Bericht bestätigt, und zwar zu Gunsten von Pierre Ecker und Mme Dinah Damé. Da keine Kandidaturen für den Vorstand kundig waren, wurde dem Vorstand Entlastung und Bestätigung zugleich erteilt.

Déput-maire Jempi Klein beglückwünschte die Sektion zu ihrer Dynamik, mit der sie immer noch mit großem Einsatz für die Probleme ihrer Kameraden eintritt. Den Mitgliedern falle immer noch eine große Aufgabe zu, dafür einzutreten, dass die Geschichte dieser Jahre niemals in Vergessenheit gerate.

Nationalpräsident Jos. Weirich nahm Stellung zu den Problemen, die unsere Generation betreffen. Er betonte, dass nicht mehr in allen Sektionen Kameraden zur Verfügung stehen, die bereit sind, den Fortbestand ihrer Amicale oder Sektion zu garantieren. Die Sektion Luxemburg-Hollerich ist deswegen ins Leben gerufen worden, damit die Mitglieder dieser Ortschaften wenigstens betreut werden und ihr Abonnement auf den „Les Sacrifiés“ tätigen können. Die Steinseler Sektion soll sich glücklich schätzen, dass bei ihnen diese Sorgen noch nicht eingetroffen sind.

Der Nationalkongress der Föderation in Steinsel am 8. Mai ist in guten Händen, so Jos. Weirich.

Marc Mathekowitsch freute sich, erstmals an einer Generalversammlung einer Sektion teilnehmen zu können, und das dann in der Sektion, wo er föderiert ist. Er gab einen kurzen Überblick seiner Ansichten, so wie er sich vorstellt, was von der nächsten Generation noch nachgeforscht werden kann und wie sie die Zukunft sehen, um die unseligen Nazizeiten nicht in Vergessenheit geraten zu lassen.

Und nun auf zum Nationalkongress am 8. Mai in Steinsel! Cher

### *Vorstand der Enrôlés de force Sektion Steinsel 2004*

| | |
|---|---|
| *Präsident:* | Norbert Melcher |
| *Vizepräsident:* | Théo Pleimling |
| *Kassierer:* | Armand Haan |
| *Sekretär adj.:* | Paul Schumacher |
| *Mitglieder:* | Théo Eiffes, Fernand Loutsch, Gaston Spanier, Jean Steinmetz |
| *Kassenrevisoren:* | Madame Dinah Damé, Pierre Ecker |

### *Steinsel*

**Die Präsidenten der „Ligue Ons Jongen“ und der „Enrôlés de force“**

***„Ons Jongen“*** gegrënnt 1944/45

| | |
|---|---|
| Thill Josy | 1945–1947 |
| Huber Jos | 1947–1948 |
| Wildschütz Emile | 1948–1950 |

***„Enrôlés de force“*** gegrënnt de 7. Abrëll 1962

| | |
|---|---|
| Huber Albert | 1962–1969 |
| Hemmen Roger | 1970–1988 |
| Tibolt Michel | 1988–1993 |
| Hilbert Martin | 1993–2003 |
| Melcher Norbert | 2003 |



*Primärschule, Steinsel, bâtiment „Sepp Hansen“*



## Oktavmass vun den Enrôlés de force

Déi traditionell Mass fir déi gefalen, vermëssten an all ze fréi verstuerwen Zwangsrekrutéiert ass en

**Donneschdeg, de 6. Mee, ëm 11.15 Auer.**

Wéinst dem aussergewéinlech groussen Undrang, an der Onméiglechkeet vum Kathedral-Uerdnungsdéngscht, déi éischt Reie fir d'Komiteeën an d'Participanten um Pilger-Cortège: Gëlle Fra an d'Kathedral hannert de Fuendelen ze reservéieren, bedauert de Federatiounskomitee, dëse Pilger-Cortège missen ofzeschafen.

Rendez-vous vun de Fuendelsdréier an der Entrée vun der Kathedral, si ginn ëm 11.00 Auer geschlossen op hir reservéiert Plazen .

# Un d'Membere vun der „Amicale des anciens de Tambow"

D'Amicale ass am Gaang, hire Sall am **„Musée de l'histoire" zu Dikrech** ze renovéieren.

Gläichzäiteg gëtt eng grouss Sail opgeriicht mat Inoxplacken dran, wou d'Nimm vun allen Tambower, déi am Lager waren, agravéiert sinn. Sollt ee vun Iech nach irgendeen Objekt doheem hunn, dat Dir vun Tambow mat heem bruecht hutt, wäre mir frou, wann Dir äis dëst kënnt zur Verfügung ginn, fir auszestellen. All dës Saache kréien eng Opschrëft mat Ärem Numm, an Dir kënnt et zu all Zäit erëmkréien.

Fir weider Informatiounen sech melle bei:

Jules Steffen, Tel. 39 60 39, oder

Gast Junck, Tel. 80 81 62

Dënschdeg,
13. Juli 2004
an der Stad

## Journée du souvenir

*Et feieren d'Amicalen:*

- Bismarckhügel-Russ
- Gembitz-Deutschwalde
- Lüden-Wollstein
- Pinne-Jannowitz
- Rogasen-Wollstein.

**10.00 Auer:**
Mass an der Kathedral, zelebréiert vum Äerzbëschof, duerno Blummen nidderleeën um Kanounenhiwwel.

Empfang op der Märei zu Lëtzebuerg.

Gemeinsamt Mëttegiessen am Parc-Hôtel zu Dummeldeng.

## E Schoulbouf

*Et gouf bei eis a schwéirer Zäit*
*vu Preisen eng grouss Zuel,*
*voll Houfert haten si d'Hierschuel,*
*u Wësse war se huel.*
*Och Schoulmeeschtere gouf et vill*
*hei aus dem Preiseland;*
*si hu verzaapt ganz Fässer Wand,*
*ma net eng Dréps Verstand.*

*Esou ee koum an d'Schoul eemol*
*zou Hollerech onverhofft,*
*fir ze gesinn, ob blose géif*
*och do déi preisesch Loft.*
*Hie sëtzt um Pult sech op de Stull*
*a rifft eraus e Jong*
*mat Ae grouss a feiereg,*
*mat Hoer käschtebrong.*

*Hie kuckt an d'Ae schaarf dem Bouf,*
*dee war keng Grëtz verwallt;*
*hie freet: „Nenn aus der neuen Zeit*
*eine heldische Gestalt!"*
*De Bouf bedenkt sech keng Sekund,*
*hie rifft: „Das ist bei Gott!*
*so wahr ich Luxemburger bin,*
*Großherzogin Charlotte!"*

*Gläich sprëngt de Preis, ewéi gestach*
*vun enger Bei an d'Luucht,*
*hien huet gescheimt, hien huet gekacht,*
*gebierelt a geflucht.*
*Du gouf zu Hollerech an der Schoul*
*gekickelt a gelaacht;*
*dem Bouf seet säi Gewësse lues:*
*„Dat hues de gutt gemaach."*

Théod. WIES



# Generalversammlung 2004 vun den Enrôlés de Force Sektioun Lëtzebuerg-Stad

Et war fir e Mëttwoch, den 10. Mäerz, wou de Comité vun der Stater Sektioun vun den Enrôlés de force seng Memberen an den Eisebunner-Casino op Bouneweg invitéiert hat, fir d'Generalversammlung 2004 ofzehalen.

D'Komerodin Mimy Deltgen, an hirer Qualitéit als nei Presidentin vun der Stater Sektioun, konnt déi vill Membere begréissen, déi trotz dem schlechte Wieder d'Méi net gescheit haten, fir un dëser Generalversammlung deelzehuelen. Nom Doud vum laangjärege President René Magar, deen d'lescht Joer jo, obschonns seng Gesondheet net méi déi allerbescht war, dach zimlech onerwaart gestuerwen ass, war d'Mimy Deltgen bereet, d'Charge vum President zousätzlech zu hire ville Fonktiounen ze iwwerhuelen.

Als Éieregäscht konnt d'Presidentin den Deputéierten a Member vum Gemengerot Théid Stendebach, een treie Frënd vun der Stater Sektioun, grad wéi den Nationalpresident Jos. Weirich, d'Madame Melanie Flammang an den Här Nic. Champagne vum Zentralcomité vun der Federatioun begréissen.

D'Stater Sektioun zielt momentan nach 367 Memberen.

Am Joer 2003 hunn äis 17 Komerodinnen a Komeroden fir ëmmer verlooss, a fir dëst Joer sinn et der schon erëm sechs. Dat sinn, wéi schonn ernimmt, eise President, den **René Magar** (dekoréiert mam Ruban d'or), an d'Memberen: **Germaine Kirchen-Mangen, Yvonne Kongs-Metz, Roger Anen, Albert Bochet, Albert Bour, Willy Collet, Josy Genot, Josy Heymans, Florent Molitor, Eugène Niederkorn, Jempy Niederkorn, Josy Reis, Roger Reisch, Louis Schiltz, Gaston Schmitt** a **Jempi Thiefels.** Fir 2004 sinn et: **Margot Clemens-Wenner, Robert Wirth, Albert Schaminé, René Lemal, Raymond Origer** a **René Beck.**

An enger stëller Minutt gedenkt d'Versammlung dëser verstuerwene Memberen, grad esou wéi deener, déi äis am Laf vun de Joren ewell verlooss hunn an äis um laange Wee an d'Éiwegkeet virausgaange sinn. Si all, si sinn net vergiess. Esou laang, wéi mir hiert Undenken an Éieren halen, liewe si an eiser Erënnerung an an eisem Häerz iergendwéi weider.

Uschléissend mécht d'Presidentin e Réckbléck op dat vergaangent Joer. Si wëllt besonnesch d'Presenz vun deene ville Comitésmembere vun der Stater Sektioun, mat dem Fuendel „Ons Jongen", bei deene sëlleche Manifestatiounen ervirhiewen. Als Porte-drapeau vertrëtt d'Stater Sektioun jo d'Federatioun bei dëse Manifestatiounen, wéi z. B. d'Oktavmass fir déi gefalen a vermësste Jongen, d'Schlussprëssessioun vun der Oktav, bei der Veillée fir d'Affer vu Slonsk, de Manifestatiounen um Kanounenhiwwel, beim Memorial Hollerech-Gare asw. Bei ville vun dëse Manifestatioune gouf eng Gerbe am Numm vun den Enrôlés de force néiergeluecht.

Eis Exkursioun 2003 an d'Éislek hat e grousse Succès ze verbuchen. D'romanesch Kierch vu Randschelt, d'Promenade ëm Déierbech, ënner der kompetenter Féierung vun eisem Comitésmember Marcel Lamboray, an den Trip op Helzen, mat der Visite vum Schnëtzaltar an der Porkierch, grad wéi de Besuch vun der Helzer Klaus waren eng Rees wäert. Net ze vergiessen d'Mëttegiessen am Restaurant „Éisleker Stuff" zu Déierbech. Et war e schéinen Dag, deen äis a gudder Erënnerung bliwwen ass.

Fir dëst Joer ass den Ausfluch, op villsäitege Wonsch vun eise Memberen, erëm op Mondorf an de Park, mat Mëttegiessen an der Orangerie, geplangt. D'Invitatioun mam Programm ass jo schonns verschéckt ginn. Interessente kënne sech bis de 15. Mee, duerch Iwwerweise vu 45 Euro op de CCPL vun der Sektioun umellen.

An der Comitéssëtzung vum 15. Juli 2004 sinn d'Chargen nei verdeelt ginn. De Comité, an deem iwwregens eng gutt Ambiance ass, setzt sech elo esou zesummen: Presidentin: Mimy Deltgen; Vizepresident: Michel Behm; Sekretärin an Trésorière: Mimy Deltgen; Secrétaire adjoint: Emile Steffen; Memberen: Léon Franssens, Fonny Friederich, Gilberte Gangolf, Pauline Georges, Marcel Grethen, Marcel Lamboray, Rosy Molitor, Edmond Retter a Félix Ternes; Keesserevisoren: Pierre Scheer an Tom Hoffmann; Fuendelsdréier: Henri Niederkorn.

Duerno huet d'Trésorière Mimy Deltgen de Bilan presentéiert. Et géif




Der Vorstandstisch



*Viele Mitglieder hatten sich zu dieser Generalversammlung eingefunden.*

ze wäit féieren, all déi Zifferen vun de Recetten an den Dépensen hei opzezielen. Zesummefaassend kann ee soen, datt d'Keess stëmmt. Als Recetten hu mir d'Cotisatiounen, d'Subsiden an d'Donen. Vill Membere ronnnen de Bäitrag op a leeën e puer Euro derbäi, dat rechent sech och zesummen. D'Trésorière seet deene Betreffenden een häerzleche Merci. Bei den Dépensë sinn et nieft deene lafenden Ausgabe vu Porto, Dréckerei, Fotokopien asw. d'Gerben an d'Blummenarrangementer bei de patriotesche Manifestatiounen an de Präis vun den Doudesannoncen, déi an d'Gewiicht falen. D'Trésorière brëngt et awer fäerdeg, fir d'Enner zesummenzebréngen an nach e Boni erauszeschloen.

De Vizepresident Michel Behm seet der Madame Deltgen merci fir déi vill Aarbecht, déi si geleescht huet, an dréckt de Wonsch aus, datt si nach laang esou kënnt weiderfueren.

Duerno ass et d'Rei um Här Pierre Scheer, deen am Numm vun de Keesserevisoren der Versammlung matdeelt, datt si de 5. Januar d'Keess kontrolléiert hätten, datt alles gestëmmt hätt an näischt auszesetze war, sou datt si der Madame Deltgen fir hir tadellos Aarbecht nëmme kënnte felicitéieren. Hie biet dann d'Versammlung, der Trésorière an dem Comité Décharge ze ginn.

De Vizepresident seet och de Keesserevisore villmols merci fir hir Aarbecht a freet si, ob si bereet wieren, fir dës Charge nach weiderhin ze iwwerhuelen. Woumat si allebéid averstane sinn. Am Comité ass nach eng Plaz net besat. Den Här Behm freet d'Versammlung, op ee vun de Membere bereet wier, fir dës Plaz anzehuelen. D'Madame Margot Blaise ass d'accord, fir am Comité matzeschaffen, sou datt de Comité elo erëm komplett ass.

Den Nationalpresident Jos. Weirich ergräift dann d'Wuert. Hie seet merci fir d'Invitatioun a wier frou, datt et him méiglech war, fir ze kommen. Och hie seet der Madame Mimy Deltgen ee grousse Merci fir déi vill a gutt Aarbecht, déi d'Stater Sektioun geleescht huet, besonnesch well si bei deene ville Manifestatiounen d'Federatioun vertrëtt a versprécht, datt den Zentralcomité sech un den Onkäschte géif bedeelegen.

De President deelt dann och mat, datt vill kleng Sektiounen am Land Schwieregkeeten hätten, fir weider ze bestoen, well et u Leit feelt, déi nach capabel sinn, d'Aarbecht ze meeschteren. Duerfir wier och d'Sektioun Lëtzebuerg – Hollerech-Gare gegrënnt ginn, fir déi Memberen opzehuelen, déi keng Sektioun méi hunn. De President ass awer derfir, datt d'Sektiounen esou laang wéi méiglech solle bestoe bleiwen, schonn eleng fir d'Erënnerung un hir verstuerwe Komeroden oprechtzeerhalen.

60 Joer sinn et elo hier zanter der Liberatioun vum Land. Lëtzebuerg war du befreit, awer de Krich war nach net eriwwer. Zirka 5 000 Jonge waren nach fort a konnten net heemkommen. D'Rundstedt-Offensiv huet ee groussen Deel vum Land zerstéiert an de Krichsschued ass ëmmer méi grouss ginn. D'Exil-Regierung hat zwar versprach, de Krichsschued ze bezuelen, dat war nom Krich awer net méi méiglech. D'Zwangsrekrutéiert sinn op d'Säit gedréckt ginn, et ass behaapt ginn, dat wieren nach jonk Leit an déi géifen hir traumatesch Erliefnesser schonns verkraften. Si sinn als Verréider ofgestempelt ginn, si hate jo op d'Russe geschoss. Vun Ufank un hunn d'Zwangsrekrutéiert sech misse wieren, schonn eleng, datt déi Krank a Mutiléiert zu hirem Recht sollte kommen. Wien hat esou vill Doudeger ze bekloen, wéi vill vun hinne sinn der vun de Preisen erschoss ginn, sinn der an d'Prisongen agespaart gi wéi bei den Zwangsrekrutéierten? Mir mussen oppassen, datt d'Historiker vun haut, déi de Krich net selwer erlieft hunn, net mat schlechtem Wëllen, awer duerch falsch Informatiounen, Schlussfolgerungen zéien, déi net an eisem Interessi kënne sinn. Duerfir ass geplangt, ee „Comité du souvenir de l'enrôlement de force" ze grënnen. Leider geet et domat net virun, awer d'Zäit drängt.

D'Presidentin, d'Madame Deltgen, seet nach, datt eise Comitésmember Fonny Friederich, fir déi gutt Organisatioun vun der Versammlung zoustänneg war an ee Luef verdéngt. Si seet dann awer och, datt hirer Meenung no, deene Meedercher, déi an den RAD zwangsrekrutéiert waren, hire Leidenswee net genuch beuecht gëtt. Besonnesch um Enn vum Krich hunn déi Meedercher, déi nach an Däitschland waren, sief et am Arbeitsdienst oder am Kriegshilfsdienst, villes, dacks ënner Liewensgefor, missen erdroen.

De Vizepresident huet nach emol merci gesot fir den Intressi, deen der Versammlung entgéintbruecht gouf, an hien huet d'Versammlung géint fënnef Auer opgehuewen.



# Betrifft: Tambow-Rückkehrer

**Wer kann sich erinnern, oder wer war dabei?**

Beim großen Transport von Tambow sind am 13.10.1945 kranke „Jongen" von Radom aus nach Warschau gebracht worden, die am Sonntag, dem 4.11.1945, in Luxemburg-Findel gelandet sind.

„Gestern Sonntag nachmittag wurde der „Service des Prisonniers de Guerre", das „Rote Kreuz" und das „Commissariat au Rapatriement" vom Findel aus benachrichtigt, daß 30 Jungen mit Capitain Gehlen von Warschau kommend auf dem dortigen Flugplatz gelandet seien. Sofort wurden mehrere Ambulanzen nach dem Findel entsandt. Ein paar Jungen, die krank sind, lagen auf Tragbahren. Alle wurden sofort zur Hauptstadt gebracht. Nachdem die üblichen Formalitäten erledigt waren, wurden sie mit den Ambulanzen in ihre Familien transportiert."

Antworten erbeten an:
Isabelle Bausch-Wey,
3, rue G. Bertrand, L-5692 Elvange,
Tel. 23 66 47 05,
oder an die Redaktion des Bulletin „Les Sacrifiés", 1, Wisegässel,
L-7333 Steinsel.

# Nachfragen:

„Es geht alles vorüber, es geht alles vorbei – Philippe Gonners Briefe von der Ostfront" – von Katja Rausch mit dem Vorwort von Gilbert Trausch ist erhältlich in allen Buchhandlungen zum Preis von 14,90 Euro. Der Erlös ist bestimmt für die „Association Luxembourg-Alzheimer".

# Aus der Sektioun Hollerech-Gare

Eis nei Sektioun Hollerech-Gare ass zu engem feste Bestanddeel vun eiser Federatioun ginn. Ëmmer méi Sektiounen, meeschtendeels aus gesondheetleche Grënn, fonktionéieren net méi, si sinn an der neier Sektioun Hollerech-Gare mat Freed opgeholl an häerzlech wëllkomm. An der Zwëschenzäit ginn zéng Sektiounen aus dem Land an der neier Sektioun géréiert.

Den Ee-Mann-Betrib garantéiert de Memberen hire Bulletin, leet hir Dem-andë fir an en Alters- oder Fleegeheem un déi richteg Adress, hëllt Neijooschgratulatiounen un a veröffentlecht se am Bulletin, hält d'Memberslëschten à jour an ass d'Verbindung zum Comité central. Ongeféier 130 Membere si bis elo an der neier Sektioun agedroen, mee nach vill al Memberen hunn de Wee nach net fonnt zu der neier Sektioun. Opgeholl gëtt een, wann de Beitrag vu **7 Euro op de Postscheckkonto Nr. IBAN LU07 1111 2035 8882 0000 Enrôlés de force, Sektioun Hollerech-Gare**, iwwerwisen ass. De Beitrag besteet am Moment aus 4 Euro fir de Bulletin, 1 Euro fir d'Federatioun, an 2 Euro fir d'Käschte vun der neier Sektioun. Memberen, déi méi genee iwwer déi nei Sektioun Hollerech-Gare wëllen informéiert sinn, iwwer Telefon 50 21 37, Julien Giersch, kréie si méi Renseignementer.

Julien Giersch,
*Sekretär-Caissier*
Kënzeg

**Enrôlés de force, Sektioun Norden Cliärref**

E Sonndeg, den 9. Mee ass d'Gedenkzeremonie géint 16.00 Auer no der Muttergottesprozessioun zu Cliärref beim GI-Denkmol, organiséiert vun der Sektioun Norden Cliärref mat dem Comité National vun der Fédératioun.



# Brief des Gefängnispfarrers Kneip an das luxemburgische Justizministerium

An den Herrn Justizminister von Luxemburg ........................................................................ Diez (Lahn), 4.4.1945


Im Auftrag der amerikanischen Besatzung überreiche ich nachstehenden Bericht:

Es ist mir geradezu ein Bedürfnis, dem luxemburgischen Volke von seinen Helden zu berichten, die ihr junges Leben freudevoll für ihr Luxemburg hingegeben haben. Noch nie erschütterte mich eine Exekution so, wie bei diesen Helden.

Sie wurden von Trier nach hier gebracht. Natürlich waren die Akten streng geheim gehalten. Allen Leuten, auch mir, war jeder Zutritt streng verboten. Ich konnte nur die Erlaubnis erwirken, ihnen ein Gebetbuch zu übermitteln. Erst sollten sie alle 16 auf einmal erschossen werden. Ich durfte erst nach Verkündigung des Urteils morgens um 4 Uhr zu ihnen kommen. Da ich glaubte, in dieser Zeit nicht alle 16 für ihre letzte Stunde vorbereiten zu können, wurde mir die Zuziehung des Domkapellmeisters Papst gestattet. Schließlich waren es doch nur 7 die erschossen werden sollten, sodass ich glaubte, sie allein betreuen zu können: In der schlaflosen Nacht zum Hinrichtungstag überlegte ich mir viel, wie ich den Übergang vom Verkünden der Vollstreckung des Todesurteils zur Vorbereitung zum Empfang der Sakramente finden könnte. Als ich um 4 Uhr 15 Minuten die sogenannte Todeszelle, in denen die Verurteilten untergebracht waren betrat, war ich höchst erstaunt, sie alle freudig gestimmt zu finden. Sie streckten mir die Arme entgegen und sagten: Wie sehr haben wir auf Sie gewartet. Ich sagte ihnen: Wie oft versuchte ich, euch zu erreichen, es ging aber nicht. Ihr ward zu streng bewacht. Größte Bereitwilligkeit, die Sakramente zu empfangen, fand ich bei allen vor. Sodann bereitete ich alles vor zum Abhalten der hl. Messe. Ich fragte, ob jemand in der Lage sei, die Gebete laut vorzusprechen. – Sie waren alle bereit. Kaiser wurde vorgeschlagen. Auf meine Verantwortung hin ließ ich die Fesseln abnehmen. Nun wohnten sie mit größter Andacht der hl. Messe bei. Ohne jegliche Unterbrechung betete Kaiser recht andächtig vor. Nach der hl. Kommunion sagte er: Lasst uns ein Vaterunser beten, dass wir den Tod hinnehmen für unsere Sünden und für unser Vaterland: Nach dem Gottesdienst nahmen sie das Frühstück ein, welches ihnen gut mundete. Wieder gefesselt bestiegen sie den Wagen, und es ging dem Hinrichtungsplatz (Kiesgrube) entgegen. Ich setzte mich unter sie, die Zigarette reichte ich von Mund zu Mund. Wir beteten und sangen. Kaiser sagte auf einmal: Wir wollen noch ein Vaterunser beten für unsere Jugend, damit sie werde wie wir sind. Wir beteten für unsere Feinde, für das Land Luxemburg und für I.K.H. die Großherzogin. Sie fragten mich ob sie alle 7 auf einmal oder nacheinander erschossen würden. Zu ihrer Beruhigung konnte ich sagen: Alle auf einmal. Nach 7 Minuten waren wir an den Platz gekommen. Sie hatten im Wagen so laut und begeistert gesungen, dass der Hauptwachtmeister durch mich ihnen sagen ließ, sie möchten leiser sein, die Leute würden zusam-menlaufen.


Jésus! Maria! Jo'sef!
Get et èng gre'sser Le'ft, wé dat én sei Liewen get fir sei Land?

Zum frommen Undenken
un eise le'wen, onvergiéssleche Jong, Brudder, Enkel, Neveu a Coseng
Jängy SERRES
dén am Alter vun 23 Joer, aus Le'ft zu sènger Hèmecht, den 19. September 1944, zu Dietz an Deitschland als Deserteur erschoss gu'w.
*Wuellesen*, am Oktober 1945.
Consolatrix Afflictorum, Mamm vu Letzeburg bied fir hien!


O Letzeburg! O ro't – weiß – blo, dât mir eso' lâng net mé gesinn! Dât ons Jongen op hirem Härz gedroen, fir dât sie gestuerwe sin! Mir schwire ro't – weiß – blo, dât ass d'Trei vu Letzeburg!
(Wierder vun eisem Hochw. Hêr Beschof.)

Fir d'Hèmecht go'fst du Liewen,
An d'Hèmecht wêss dir Dank,
Well hir golt all dei Striewen,
Du hues sie trei bekannt.

Du gungs hin fir d'Freihèt,
Dein Do'd war net emsoss,
Well aus dem gro'ssen Onhèl,
Ass d'Freihèt nei erspross.

*Här ge'f him d'e'weg Ro'!*

Imprimerie du Nord-Diekirch

Einer der sieben erschossenen Geiseln war Jängy Serres aus Wahlhausen

Nun wurden sie an den Pfahl gebunden. Ein jeder trug eine Nummer, groß mit Kreide auf den Rücken geschrieben, damit es keine Verwechslung bei der Beerdigung gebe. Der Sarg trug dieselbe Nummer. Als die Augenbinde angelegt wurde, wehrten sie energisch ab, sie wollten dem Tod offen ins Gesicht schauen. Der Hauptmann sagte, es sei zur Sicherung der schießenden Mannschaft. Schließlich bat ich sie, sie möchten es geschehen lassen. Daraufhin taten sie es. Sie hatten mich schon vorher gefragt, ob sie nicht vor ihrem Tode die Nationalhymne singen könnten, was ich ihnen empfahl. Der kommandierende Offizier war freundlich genug, zu warten, bis die Hymne zu Ende gesungen war. Dann riefen sie: Vive Charlotte, Vive Prince Jean: Alle Anwesenden waren tief erschüttert. Ich wurde gefragt, ob ich ihnen noch ein Wort zu sagen hätte. Darauf gab ich ihnen noch einmal den Segen und betete: Der Segen des Allmächtigen Gottes, des Vaters und des Sohnes und des hl. Geistes steige über euch, eure Angehörigen und euer Land herab und führe euch in eine ewige Glückseligkeit. Nun rief einer nach dem anderen: Wir danken Ihnen, Herr Pfarrer.

Darauf kam das Kommando: Zum Schuss legt an, gebt Feuer: Alle waren getroffen, der Himmel hatte sieben tapfere und fromme Helden mehr. Ich sorgte dafür, dass jeder in den richtigen Sarg, der die Nummer, die auch auf dem Rücken der Erschossenen stand, kam, damit die Angehörigen später bei der Überführung auch sicher seien, dass sie ihren Heldensohn hätten. Mir war klar, dass nach einem verlorenen Krieg, diese Helden in ihre Heimat geholt würden. – Danach brachte ich sie zu ihrer Grabesstätte. Ich konnte kaum die Tränen zurückhalten. Noch nie hatte mich eine Hinrichtung so erschüttert. Zusammenfassend möchte ich sagen, dass alles in größter Ordnung und schonender Weise vor sich ging. Genau so gestaltete sich die Exekution der Übrigen. Auch sie waren Helden, die ebenso freudig ihr junges Leben für ihr Vaterland hingaben.

Das luxemburgische Volk verdient es, die Überreste dieser Blutzeugen in ihrer Heimat zu haben, worum sie baten, und ich spreche die sichere Hoffnung aus, dass es geschieht.

Bei allen benutzte ich denselben Rosenkranz, da ich beabsichtige, ihn als hehres Andenken dem luxemburgischen, katholischen Volke zu geben. Möge das Opfer der jungen Blutzeugen dem Vaterland und seinem Herrscherhause Segen bringen

gez. Kneip. *Pfarrer.*

**Commémoration du débarquement de juin 1944**

## Un ancien résistant français recherche un Luxembourgeois enrôlé de force

### Il a sauvé la vie au Français à St-Georges d'Auney en 1944

**Dans le cadre de la commémoration du débarquement de juin 2004, un Français maintenant âgé de 80 ans voudrait remercier un soldat de nationalité luxembourgeoise en uniforme allemand auquel il doit la vie. Aux alentours du 25 juin 1944, ce Luxembourgeois enrôlé sous l'uniforme allemand, a sauvé de la mort le jeune résistant Michel Doyen. Celui-ci fut arrêté en Normandie et après avoir été interrogé et frappé, fut enfermé en attendant le peloton d'exécution au petit matin. Ce soldat luxembourgeois prit le risque de le libérer de son cachot pendant la nuit. Ce soldat avait alors à peu près l'âge du résistant français (une vingtaine d'années). Après avoir précisé qu'il était Luxembourgeois, il laissa ouverte la porte de la pièce où le Français était détenu. Les quelques phrases prononcées à voix basse et dans le noir par cet homme le furent en français. Cela se passait dans une grande maison bourgeoise à St-Georges d'Aunay en Normandie aux alentours du 25 juin 1944. Le résistant y fut emmené après avoir été capturé sur la route entre Villers-Bocage et Aunay-sur-Odon. Une grande bataille de chars commençait, après le débarquement allié et le village d'Aunay-sur-Odon venait d'être bombardé. Les seules unités allemandes qui restaient dans ce périmètre, 20 jours après le débarquement, étaient des régiments de blindés. On suppose que ce soldat pouvait faire partie des recrues chargées de l'intendance et de la maintenance des véhicules blindés. Les régiments blindés allemands engagés dans la bataille étaient le 21e Panzer et le 2e Panzer au sein de la «Panzer Lehr Division». Celui qui pourrait donner des indications concernant cette recherche peut écrire à M. Jacques Doyen, 53, rue de Stalingrad, 95120 Ermont (France) ou le signaler au téléphone 49 93-572 du «Luxemburger Wort» ou à la rédaction de «Les Sacrifiés» qui transmettront.** LW

# Agenda

**6. Mee 2004:** Oktavmass vun allen Enrôlés de force an der Kathedral zu Lëtzebuerg, 11.15 Auer

**8. Mee 2004:** Nationalkongress vun den Enrôlés de force zu Steesel

**9. Mee 2004:** No der Muttergottesprëssioun géint 16.00 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmol en Gedenkzeremonie duerch d'Federatioun an d'Enrôlés de force, Sektioun Nord–Cliärref

**16. Mee 2004:** Schlussprëssioun vun der Oktav zu Lëtzebuerg-Stad

**11. Juli 2004:** Journée commémorative um „Kräizerberg" zu Gréiwemaacher

**13. Juli 2004:** Journée du souvenir „60 Joer" Enrôlés de force 1925–1926–1927 fêtée à Luxembou par les amicales «Bismarckhügel-Russ», Gembitz-Deutschwalde, Lüden-Wollstein, Pinne Jannowitz et Rogasen Wollstein.

**5. September 2004:** Journée commémorative vun den Enrôlés de force, victimes du nazisme an der Sta (Bauresonndeg)

# Sommaire


Nationalkongress vun der „Fédération des Enrôlés de force" ..... 2
Wëllkomm zu Steesel ..... 3
Message un all eis Sektiounen an Amicalen uechter d'Land ..... 4
Die Gemeinde Steinsel im Krieg ..... 5
In die Zukunft schauen – Die Generalversammlung der Steinseler Sektion ..... 8
Oktavmass vun den Enrôlés de force ..... 10
Un d'Membere vun der „Amicale des anciens de Tambow" ..... 10
Journée du souvenir ..... 10
Generalversammlung 2004 vun den Enrôlés de Force Sektioun Lëtzebuerg-Stad ..... 11
Betrifft: Tambow-Rückkehrer ..... 13
Nachfragen: ..... 13
Aus der Sektioun Hollerech-Gare ..... 13
Enrôlés de force, Sektioun Norden Cliärref ..... 13
Brief des Gefängnispfarrers Kneip an das luxemburgische Justizministerium ..... 14


**Redaktiounsschluss fir Nr. 3/2004 ass de 25. Juni 2004. Merci!**


**Fédération des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L–1024 Luxembourg,**
**tél. + fax: 48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés»,** c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L–7333 Steinsel, tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch,**
14A, rue de Sélange, L–4965 Clemency, tél. 50 21 37

**Service social aux Enrôlés de Force: Emile Gruber,**
14A, rue de Diekirch, L–7440 Lintgen, tél. 32 60 22
En cas de non-réponse: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg, tél. 48 32 32

**Amicale des anciens de Tambow:**
Secrétariat: 14, rue de Kahler, L–8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39
**CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000**

**Association des survivants des Enrôlés de Force,** Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L–1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

**Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,**
Secrétariat: Jules Giersch, 14a, rue de Sélange, L–4965 Clemency
**tél. 50 21 37 – CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

**Impression:** saint-paul, luxembourg